N°1831
Entrée le 18.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, vum Minister fir Finanzen a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°1831 vum 23. Januar 2025 vun den éierewäerten Députéierten André Bauler a Luc Emering iwwert "Recettes générées par la taxe carbone"**

**Wéi vill Recetten huet d'CO2-Steier tëschent de Joren 2021 an 2024 dem Staat erabruecht? Wéi huet sech dës Progressioun vun der CO2-Tax iwwert déi lescht Jore generell op d'Recetten un Accisen ausgewierkt?**

D'Recettë vun der $CO_2$-Steier an den Akzisen op Energieprodukter hunn sech iwwer de gefroten Zäitraum follgendermoossen entwéckelt:

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Taxe CO2 | 198 120 812.65 € | 215 186 020.57 € | 236 903 639.63 € | 258 456 810.63 € |
| Accises | 751 972 729.01 € | 632 254 330.99 € | 681 090 256.08 € | 665 094 027.61 € |
| Total | 950 093 541.66 € | 847 440 351.56 € | 917 993 895.71 € | 923 550 838.24 € |

Déi méi substantiell Baisse vun den Akziseneinnamen op den Energieprodukter am Joer 2022 ass op den éischte Solidaritéitspak zréckzeféieren an op d'Erofsetze vun den Akzisen um Bensinn an Diesel ëm 7,5 Cents pro Liter tëschent dem 13. Abrëll 2022 an dem 31. August 2022.

**Wéi eng Ëmweltmesüren a Projete ginn heiduerch finanzéiert fir géint de Klimawandel virzegoen?**

Esou wéi am integréierten Energie- a Klimaplang (PNEC) virgesinn, sinn d'Recettë vun der $CO_2$-Steier jeeweils zur Hallschent fir Klimaschutzmoossnamen a fir sozial Kompensatiounsmoossname ageplangt. D'Finanzéierung vun dëse Moossname gëtt duerch de Budget vun de jeeweilege Ministèren an duerch de Klima- an Energiefong getätegt. Déi 15 „domaines d'intervention" vun dësem Fong sinn am modifizéierte Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 präziséiert.

Lëtzebuerg, den 18. Februar 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit